

## **17.000€ vun der Mammejongen ASBL fir de gudden Zweck**

Nodeems d'Joer 2020 e ganz schwieregt war, well et ons net méiglech war eegen Eventer ze organiséieren, huet et am Joer 2021 besser ausgesinn, och wann d'Joer nach alles anescht wéi optimal war. Trotz allem war et ons méiglech op e puer Evenementer Suen ze sammelen. Esou ware mer ënner anerem op de Réiser Päerdsdeeg, Birdwatchday zu Remerschen oder um Kreschtmaart zu Munneref am Asaz. Zousätzlech war et eis méiglech am November nees eist Darts-Turnéier ze organiséieren.

E grouse Merci welle mer dem Foyer de la Femme Stroosse soen, vun deene mer en Don vu 5.000€ iwwerwise kruten, nodeems mer hinnen op hirem Oktoberfest am Centre Culturel Paul Barblé ausgehollef hunn.

Weider wëlle mer e grouse Merci un eis trei Membere soen déi duerch de Kaf vu Memberskaarten a vu weideren Don'en eis dat ganz Joer iwwer ënnerstëtzt hunn. Hei soe mer dem Lena Godelet e grouse Merci, dat bei engem Gewënnsbill 500€ gewonnen huet déi eis ze gutt koumen.

Ënnert dem Stréch ass et eis soumat gelongen **3.000€**, duerch de Verkaf vu Kalenneren, un **d'Schrëtt fir Schrëtt ASBL** (<https://www.schrett-fir-schrett.lu/>) a **14.000€** un **d'Trauerwee ASBL** (<https://www.trauerwee.lu/>) ze spenden.

Am Joer 2022 kënnen mer elo nees richtig lass leeën an esou informéiere mer iech dat den 11. Juni 2022 eis 2. Editioun vum Petanque-Turnéier zu Munneref stattfanne wäert. Wann der nach eng Ekipp umelle wëllt, da fannt der méi Informatiounen op eiser Facebook-Säit oder schreift eis einfach eng Mail op [mammejongen@gmail.com](mailto:mammejongen@gmail.com). Och en Darts-Tournoi ass nees geplangt, en Datum deele mer iech an noer Zukunft op alle soziale Medien mat. Ausserdeem sinn och nees Dëschkalenneren fir d'Joer 2023 an der Produktioun déi an den nächste Méint an de Verkaf ginn.